N° 7568
Entrée le 08.02.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 08.02.2023

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, de 9. Februar 2023

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Landwirtschaftsminister weiderzeleeden.

Zanter 2022 mussen d'Anträg fir déi nei Agrar-Ëmwelt-Klimamoosnamen (AUKM), inklusiv der Landschaftspflegeprimm, bis spéitstens den 31. Oktober via MyGuichet.lu agereecht ginn. Obwuel den Termin ëm ee Mount virgezu gouf, sollen d'Primmen eréischt, wéi bis elo, laut dem Kalenner um Landwirtschaftsportal am Februar ausbezuelt ginn. Derbäi kënnt nach, datt d'Saisie vun den Donnéeën entfält, well d'Anträg ausschliisslech op elektroneschem Wee kënne gemaach ginn. An deem Kontext wollt ech folgend Froen un den Här Landwirtschaftsminister stellen:

- Fir wat bleift et bei der Ausbezuelung vun de Primme fir d'AUKM beim Termin vum Februar, obwuel d'Anträg ee Mount méi fréi hu missen op elektroneschem Wee agereecht ginn?
    - Wäerten d'Primmen an Zukunft éischter ausbezuelt ginn?
- Wéi gesäit et mat den Delaien aus, wann no an no, och all aner Primmen op elektroneschem Wee mussen agereecht ginn?

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

**Martine Hansen**

**Deputéiert**

N° 7568
Entrée le 08.03.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture
et du Développement rural

**Äntwert vum Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n°7568 vun der éierbarer Deputéiert Martine Hansen**

**Fir wat bleift et bei der Ausbezuelung vun de Primme fir d'AUKM beim Termin vum Februar, obwuel d'Anträg ee Mount méi fréi hu missen op elektroneschem Wee agereecht ginn?**

**Wäerten d'Primmen an Zukunft éischter ausbezuelt ginn?**

**Wéi gesäit et mat den Delaien aus, wann no an no och all aner Primmen op elektroneschem Wee mussen agereecht ginn?**

Déi éierbar Deputéiert Martine Hansen schreift an hirer Fro vun den „Anträg fir déi nei Agrar-Ëmwelt-Klimamoossnamen (AUKM), inklusiv der Landschaftspflegeprimm, (déi) bis spéitstens den 31. Oktober via MyGuichet.lu agereecht ginn".

Dat sinn d'Engagementer, déi fir déi nei Agrar-Ëmwelt-Klimamoossnamen eragereecht musse ginn. Dësen Datum war eng Recommandatioun (den entspriechende Règlement grand-ducal ass an der Finalisatioun), fir d'Ufroe mat Zäite virum nächste Flächenantrag beaarbecht ze kréien a fir se dann am elektronesche Formulaire erëmzeginn.

Déi järlech Confirmatioun fënnt dono am Flächenantrag statt. Den Termin vum Flächenantrag ass fir 2022 op den 22. Abrëll ëm ee Mount no vir geréckelt ginn. Dëst fir de Betriber d'Méiglechkeet ze ginn, dësen administrative Schrëtt virun de Fréijoersaarbeschten ze finaliséieren.

Fir d'Joer 2023 gëllt de 17. Abrëll 2023, an ab 2024 den 31. Mäerz.

D'Ausbezuelunge sinn iwwert d'EU Reglementer (n° 1306/2013 art. 75) festgeluecht: Ab dem 1. Dezember dierfen d'Bezuelungen ulafen. Normalerweis fänken d'Bezuelunge mat den Akommesbäihëllefen un. Heivunner sinn déi meeschte Betriber betraff. Dono kommen déi méi spezifesch betribsorientéiert Agrar-Ëmwelt-Klimamoossnamen. Absëns d'Agrar-Ëmwelt-Klimamoossnamen an d'Öko-Regelungen si kompliżéiert Primmeregimer a verlaangen zousätzlech Kontrollen. Deemno féiert dës Méiaarbecht zu enger méi spéider Ausbezuelung.

Um Ausbezuelungskalenner, dee mir järlech ëm d'Rentrée veréffentlechen, wäert sech aus dëse Grënn och an Zukunft an de grousse Lignen net vill änneren, och wann probéiert gëtt all Primmen sou zäitno wéi méiglech no der Demande auszebezuelen. D'Digitalisatioun wäert dofir eng grouss Hëllef sinn.

Lëtzebuerg, den 8 Mäerz 2023

De Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung,

(s.) Claude HAAGEN